Fédération Luxembourgeoise de Basketball asbl fondée 1933
Sous le Haut Patronage de Son Altesse Royale le Prince Félix

3, route d'Arlon L-8009 Strassen | T. +352 48 18 76 1
flbb@flbb.lu | www.luxembourg.basketball

Strassen, 12. August 2026

Léif Presidentinnen a Presidenten,
Léif Vertrieder vun de Clibb,
Léif Basketfrënn,

Och wann et schonn allgemeng bekannt ass, wëll ech Iech mat dësem Bréif nach emol offiziell matdeelen, datt mäi Mandat als President vun der FLBB mat der Generalversammlung vum 19. September 2026 op en Enn geet. No sechs Joren un der Spëtzt vun eiser Federatioun ass fir mech de Moment komm, fir Äddi ze soen an d'Presidence weiderzeginn.

Wéi ech am September 2020 dëst Amt ugetruede sinn, war d'Welt eng aner. Mir ware matzen an der Covid-Pandemie: d'Hale waren zou, d'Championnater stoungen op der Kipp, d'Kanner konnten net trainéieren, an d'Clibb hu missen ëm hir Existenz fäerten. Et war wuel net de Start, deen een sech als neie President dreemt. Mee grad an dëser schwiereger Zäit hunn ech gesinn, wat eis Basketsfamill ausmécht: Solidaritéit, Kreativitéit an en onermiddleche Wëllen, net opzeginn. Zesummen hu mir eis duerch dës Kris gekämpft, Schrëtt fir Schrëtt, Direktive fir Direktive, bis d'Bäll erëm gedribbelt goufen an d'Tribünen erëm voll waren. Datt eise Sport net nëmmen ouni Schued aus dëser Zäit erauskomm ass, mee duerno souguer méi staark do stoung wéi virdrun, ass ee vun de Momenter, op déi ech am meeschten houfreg sinn an et ass de Verdéngscht vun eis all.

Et war mir eng grouss Éier an eng nach méi grouss Freed, eis Federatioun wärend dëse sechs Joren duerfen ze féieren. Wéi ech dëst Amt iwwerholl hunn, wousst ech, datt eng grouss Verantwortung wär mee ech wousst och, datt ech se ni eleng droe géif.

Wann ech haut zréckblécken, da maachen ech dat mat Stolz an Dankbarkeet. Zesumme mat mengem Conseil, de Clibb, den Traineren, den Arbitteren, de Spillerinnen a Spiller an den onzielege Benevollen, déi Woch fir Woch an den Hale stinn, hu mir vill beweegt. D'FLBB steet haut méi staark, méi modern a méi gesond do wéi 2020, sportlech, strukturell, finanziell a mënschlech. Mir hunn eis Strukture moderniséiert an eis Federatioun op zolidd Bee gestallt. Mir hunn an eis Jugend investéiert, well si d'Zukunft vun eisem Sport ass an haut gesi mir, wéi déi Zukunft an den Halen am ganze Land Gestalt unhëlt. De Basket zu Lëtzebuerg wiisst, eis Nationalekippe maachen eist Land houfreg, an eis Faarwe ginn op internationaler Bün mat

3, route d'Arlon L-8009 Strassen | T. +352 48 18 76 1
flbb@flbb.lu | www.luxembourg.basketball |

Respekt gesinn. Op dee Wee, dee mir zesumme gaange si vun den eidelen Hale vun 2020 bis haut, kënne mir all houfreg sinn.

Dës Erfolleger sinn net d'Verdéngscht vun engem Eenzelen. Si sinn d'Resultat vun der Aarbecht, der Leidenschaft an dem Engagement vun eis all. Eng Federatioun ass ëmmer nëmmen esou staark wéi hir Clibb an ech hat d'Chance, op Clibb ze zielen, déi mat Häerz a Séil fir eise Sport liewen. Hannert all Match, all Training an all Turnéier stieche ganz vill Stonne benevole Aarbecht, déi een net an Zuele moosse kann, ouni déi awer näischt méiglech wier. Iech all gehéiert män déifste Respekt.

Dofir soen ech Iech alleguer e grousse Merci, fir d'Vertrauen, dat Dir mir iwwer all déi Jore geschenkt hutt, fir d'Ënnerstëtzung an de schwéiere Momenter an där goufen et der grad am Ufank net wéineg a fir déi oft kritesch, awer ëmmer éierlech a konstruktiv Zesummenaarbecht. Och wa mir net ëmmer enger Meenung waren, an dat gehéiert zu enger lieweger Federatioun dozou, sou hat ech ni Zweifel drun, datt mir all dat selwecht Zil verfollegen: de Basket zu Lëtzebuerg no vir ze bréngen. Genee aus dësen Diskussiounen, heiansdo haart an der Saach, awer ëmmer fair am Toun, sinn déi bescht Iddie gewuess.

E besonnesche Merci gehéiert och de Membere vu mengem Conseil, déi mech an all deene Jore begleet hunn, souwéi de Mataarbechter vun der Federatioun, déi Dag fir Dag am Asaz sinn. Vill vun deem, wat mir erreecht hunn, ass hiert Verdéngscht a vill vun deem, wat d'Ëffentlechkeet ni gesäit, ass hir Aarbecht am Hannergrond.

Et war mir vun Ufank u wichteg, d'FLBB enges Daags a gutt Hänn ze iwwerginn. Dofir freeën ech mech besonnesch, Iech haut matzedeelen, datt de Max Krippler sech der Verantwortung gäre géing unhuelen. Ech kennen de Max scho laang a si mir sécher dass hien de richtege Mann heivir ass. A senger Roll als Sportsproff war hie laang Zäit d'Referenzpersoun vun der FLBB am Sportlycée an di lescht 2 Joer am Conseil huet hien sech niewent den alldeeglechen Aufgaben, haaptsächlech em den U18-Projet gekëmmert. Hien versteet d'Erausfuerderunge vun eise Clibb an hien huet d'Häerz um richtege Fleck. Hie bréngt alles mat, wat et brauch, fir eis Federatioun an d'Zukunft ze féieren: Kompetenz, Engagement an eng kloer Visioun. Ech sinn iwwerzeegt, datt hien, zesumme mat sengem Team als neie Comité vun der FLBB, eis Federatioun mat frëschen Iddien, neier Energie a villem Wëllen op nei Héichte féiere wäert.

Fédération Luxembourgeoise de Basketball asbl fondée 1933
Sous le Haut Patronage de Son Altesse Royale le Prince Félix

3, route d'Arlon L-8009 Strassen | T. +352 48 18 76 1
flbb@flbb.lu | www.luxembourg.basketball

Ech hoffen a wënsche mir vun Häerzen, datt Dir him a senger Equipe dat selwecht Vertrauen an déi selwecht Ënnerstëtzung entgéintbréngt, op déi ech all di Joren ziele konnt. En neie Comité brauch Zäit, Réckhalt an d'Bereetschaft vun alle Säiten, un engem Strang ze zéien. Nëmmen zesummen, Federatioun a Clibb, Hand an Hand, kënne mir dat weiderbauen, wat mir zesummen ugefaangen hunn. Ech sinn iwwerzeegt dass dat Bescht eréischt kënnt.

De Basket zu Lëtzebuerg huet eng grouss Zukunft virun sech. Ech soen Äddi als President a freeë mech drop dat nächst Kapitel vum lëtzbuerger Basket als Supporter mat ze verfollegen.

Merci fir alles. Et war mir eng Éier an eng Freed.

Mat sportleche Gréiss,

Samy Picard
President
FLBB